déi Konservativ
d'Fräiheetspartei

# CHAMBERWAL

# MANIFEST 2023

**ALL FIR LËTZEBUERG.**

**LËSCHT 13.** ☒



www.deikonservativ.lu

info@deikonservativ.lu

Facebook.com/deikonservativ

BCEE LULL LU95 0019 4955 7294 5000













## INHALTSVERZEECHNIS | DÉI KONSERVATIV – D'FRÄIHEETSPARTEI


Kapitel 1

**FRÄIHEET & EEGEBESTËMMUNG!**

Kapitel 2

**DEMOKRATIE & VOLLEKSWËLLEN!**

Kapitel 3

**IDENTITÉIT, SPROOCH & INTEGRATIOUN**

Kapitel 4

**KULTUR, TRADITIOUNEN & WÄERTER!**

Kapitel 5

**POPULATIOUNSWUESSTEM & LANDESPLANUNG!**

Kapitel 6

**LOGEMENT & MOBILITÉIT!**

Kapitel 7

**GESELLSCHAFT & FAMILL!**

Kapitel 8

**DÉIERESCHUTZ, ËMWELT & LANDWIRTSCHAFT!**

Kapitel 9

**BANNESÉCHERHEET & KRIMINAL-OFFENSIV!**

Kapitel 10

**FRIDDENSPOLITIK & GEREGELT MIGRATIOUN!**

Kapitel 11

**FINANZEN, STEIEREN & SOZIALES!**

# VIRWUERT VUM NATIONALPRESIDENT






**Léift Lëtzebuerger Vollek,**

**Déi Konservativ – d'Fräiheetspartei, trëtt bei de Chamberwalen den 8. Oktober 2023 ënnert dem Slogan »All fir Lëtzebuerg« an als »Lëscht 13« un. Eis Partei, déi mir den 21. Mäerz 2017 gegrënnt hunn, ass ewell säit sechs aventuriéise Joere fir Iech, a fir eist Land, engagéiert. Eist Zil, ass eng méi liewenswäert a positiv Zukunft fir Lëtzebuerg – um Fundament vu fräiheetlechen, wäertebaséierten, an heemechtsverbonnene Grondsätz. Eise Fokus ass Lëtzebuerg. An eis politesch Ambitioun, ass de politesche Changement!**

**Grad och am Kontext vu Pandémieën, Kricher, an de Finanz- a Weltwirtschaftskrisen, hu mir erlieft, wéi wichteg et ass, sech fir Fräiheetsrechter, Friddenspolitik a soziale Wuelstand an ze setzen. Déi onverzeilech Politik aus der Coronapandémie, war eis wuel all eng Léier, wéi séier a wéi radikal, et zu autoritären a liberticide Verbueter, Aschränkungen, an Diktater komme kann an eng Politik sech als de rengsten Horror entpoppt . An Zäiten, wou eis Libertéiten, eis Ethik, eis Demokratie, eis Gesellschaftsunitéit, mä och eis Grond-, Verfassungs- a Mënscherechter, op eng onverzeilech Aart a Weis blesséiert an ausser Kraaft gesat goufen. Den »Goerge Orwell«, a säi Roman »1984«, eng fiktiv Prédiktioun vun engem totalitärem Iwwerwaachung- an Herrschaftssystem, lässt grüssen!**

**Och de russesch-ukrainesche Krich huet eis geléiert, wéi wichteg Diplomatie, Vëlkerdialog a Vëlkerfrëndschaft sinn, amplaz datt ee Politik mat Krichsideologie bedreift. Wie Fridde wëll, beweist säi Friddensengagement, net mat Waffen, Haass a Gewalt, mä mat enger staatsmännesch Aussepolitik a prioritär zum Wuel, an am Interessi vum eegene Land. Wiem eppes u Lëtzebuerg läit, engagéiert Lëtzebuerg net fir friem Krichsinteressen, weder finanziell, nach materiell a scho guer net militäresch. Eist Land muss eng friddlech Natioun bleiwen – banne wéi baussen!**

**A net zulescht ass et och de Constat, datt dës mësslonge Wirtschaftspolitik, riicht an de soziale Misär féiert, logescherweis mat Rezessioun, Inflatioun, Liewensdeierecht, horrenten Energiepräisser, héijer Steierlaascht, engem schwéngsdeiere Wunnéngsmaart a Loyeren, klammender Aarbechts- a Perspektivlosegkeet. Wéi soll den Ottonormalbierger da sou nach säin Alldag zu Lëtzebuerg meeschteren? Et ka jo net normal sinn, datt ëmmer méi Leit ouni Su a Brout do stinn, a Lëtzebuerger hiert Land verloossen, well se heiheem keng Zukunft a keng Chancë fir sech an hier Familljе gesinn.**

**Amplaz datt mir eis Identitéit a Souveränitéit vertrieden, affere mir eist Land léiwer fir zentralglobalistesch Fantasien, fir eng »Europäesch Unioun« an aner international Lobbyisten, NGO's & Bürokraten. Géing et ons net gutt doen, nees eise Respekt, eis Souveränitéiten a national Kompetenzen ze fuerderen an ze verdeedegen? E Lëtzebuerg mat Eegebestëmmung, a mat vollem Potential, an engem Europa vun de souveränen a fräie Natiounen.**

**Et ass also onverantwortlech, datt eis Politiker, keng Léieren aus hirem schlechte Politik-Stil zéien, an déi eegen Hausaufgaben net maachen! Vill léiwer, gi kritesch Bierger an eng Oppositiounspartei wéi eis, zum Sënnebock verkläert, esou, ewéi wann d'Schold net bei Deene leie géing, déi eis dës politesch a gesellschaftlech Situatioun agebrockt hunn, a se veräntweren. De politesche Gambia-Regierungs-Bilan vun DP & LSAP & Gréng - ass katastrofal. E krasst Regierungsversoen, ouni politesch Verantwortung op ganzer Linn!**

**A well et nach sou villes méi ze soe gëtt, woufir keng Plaz am Virwuert ass, bitt Iech dëst Chamberwalmanifest e grondlëenden Iwwerbléck, iwwert eis politesch Visiounen, Prioritéiten & Standpunkter als Partei. Et gëtt är politesch Alternativ, déi heescht Konservativ. An, äre Vott fir eis, ass och äre Vott, géint Gambia!**

**Weist Mutt, a wielt anescht! Dëst Joer si Schicksalswalen – a mir setzen e staarkt Zeeche vun Oppositioun! Mir ginn Iech, eist Lëtzebuerg zeréck!**

**»*Wenn die Untertanen aus Prinzip rebellieren, wird die Politik der Könige tyrannisch.*« - Edmund Burke.**

***JOE THEIN, Nationalpresident***

**Wann ee fräi bestëmme kann, wat ee wëll, dann ass ee fräi - fir eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg seng Fräiheet, zeréck!**

**D'Fräiheet ass eng vun eise wichtegsten, verankerte Grond-, Mënschen-, a Verfassungsrechter.**

**D'Recht, ouni Zwang, an Eegebestëmmung an Eegeverantwortung, säi Schicksal selwer ze décidéieren.**

**Eng fräi Entfaalung als Mënsch an der eegener Perséinlechkeet, am Privatliewen, an der Gesellschaft an am Staat.**

**Et ass de Respekt virun ziviller, individueller a perséinlecher Fräiheet, inklusiv der Privatsphär an Eegeverantwortung am Liewensstil & Konsum.**

**Dozou zielt och d'Versammlungs-, d'Manifestatiouns & Streikrecht, souwéi d'Meenungsfräiheet.**

**Selbstverständlech och, d'Recht op Privateegentum & Eegekapital, ewéi och, op Borgeld, dat an der Verfassung vera**

**Dëse liberale Grondsaz, ass e Schutz fir de Bierger, a seng fräi Liewensgestaltung am Privatliewen & Staat.**

**A géint eng allmächteg Politik, mat staatlecher Amëschung, Aflossnam & Reguléierung.**

**An der »Coronapandémie«, si vill onverzeilech, mënschenonwierdeg, krass & radikal Politike, praktizéiert ginn.**

**Mir erënneren eis all gutt u Lockdowns, Masken, Kontaktspär, Diktater, Verbueter, Limitatiounen & Zwangsmoossnam**

**Et war iwwerdeems, e politeschen Agrëff an eis Ethik a Biologie, Gesondheet, Sécherheet & Beweegungsfräiheet als**

**Onverhältnisméisseg Décisiounen, Obligatiounen, Kontrollen & Strofe, géint de Bierger a seng grondsätzlech Liberté**

**Den »état de crise« war och eng national Kris, e Krisenzoustand, deen op d'Käschte vu Fräiheet an Demokratie gaan**



**Als Partei si mir deemools, wéi haut, fir d'Impffräiwëllegkeet an engagéiert fir déi onuntaaschtbar Mënschen- & Fräiheetsrechter – och an Zukunft!**

**A mir fuerderen, eng »Enquêtekommissioun«, fir eng transparent Opklärung, déi politesch a penal Suiten, a Konsequenzen huet.**

**A mir féieren en Entschiedegungsfong an, fir all déi Leit, déi eng existenziell Kris erlieft, e gesondheetleche Schuet dovu gedroen, ma seguer gestuerwe sinn.**

**Och Jiddereen, deen ënnert Diffamatioun & Drock gelidden huet – justement an der Resistenz géint dës autoritär Politik.**

**An och all déi Leit, déi an der Resistenz géint dës Politik, als »Extremisten« oder »Verschwörungstheoretiker«, etikettéiert goufen.**

**Mir triede gären aus der »WHO« aus, fort vu steierzuel-finanzeierten NGO's & Lobbyiste-Gruppen - a keng politesch Alengmuecht fir d'Pharmaindustrie!**

**Ni méi, dierf eng Regierung géint seng Landsleit goen & d'Allgemengwuel héich halen – déi Zeenen aus der Stad, Staat vs. Vollek, bleiwen onvergiesslech!**

**JO ZU INDIVIDUELLER FRÄIHEET!**

**JO ZU FRÄIHEETSRECHTER!**

**JO ZUR MEENUNGSFRÄIHEET!**

**JO ZUR IMPF-FRÄIWËLLEGKEET!**

**JO ZU CORONA-ENQUÊTE-KOMMISSIOUN !**

**JO ZUM ENTSCHIEDEGUNGSFONG!**

**JO ZU EEGENTUM, KAPITAL & BOERGELD!**

**NEE ZU WHO, LOBBY & PHARMA!**

**NEE ZU ENGER AUTORITÄRER POLITIK!**

**NEE ZU MEI STAAT, DIKTAT & KONTROLL!**

**NEE ZU ONFAIRER MEDIE-REPRESENTATIVITEIT!**

**NEE ZU CORONA-TOTALITARISMUS!**

**NEE ZUM DIGITALEN EURO!**

# DEMOKRATIE & VOLLEKSWËLLEN!



**Wann ee fräi mat bestëmme kann, wat ee wëll, dann ass ee fräi - fir eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg seng Demokratie zeréck!**

**Eist Grondgerüst als Staat & Natioun, ass eise politesche System, gebaut op Demokratie & konstitutionell-parlamentaresch Monarchie.**

**Eis Staatsphilosophie ass kloer den demokratesche Rechtsstaat – mat feste, rechtsstaatleche Strukturen, Stabilitéit & Uerdnung.**

**Als zentral Grondlag, gëlt nieft der Nationalverfassung, déi direkt Basisdemokratie & d'Gewaltentrennung am Staat mat all sengen Institutiounen.**

**De Staat - op Basis vun Exekutiv, Legislativ a Juridikativ - an an aller Onofhängegkeet vuneneen, fräi vu Korruptioun a Vetternwirtschaft.**

**D'Gewaltentrennung séchert, datt d'Muecht vum Staat limitéiert ass, an déi individuell Fräiheeten garantéiert bleiwen.**

**Fir eng gutt gesellschaftlech Kohesioun, steet primär de Schutz vun, a Respekt fir, eis demokratesch Biergerfräiheeten, -**



**Eng kloer Ofso un ideologesch & reliéis Extremismen mam Erhalt, der Verdeedegung an der Entwécklung vum demokrat**

**De Rechtsstaat bitt eis all, dowéinst och dës Garantie op Demokratie, a mécht de Vollekswëllen zur politescher Régie am**

**Fir eis Partei, sinn den A an O vun der Demokratie: Decisiv Referenden, Volleksinitiativen a Petitiounen.**

**Méi Volleksdemokratie woen, féiert zu engem staarke Vollekssouverän, wat säi Schicksal a seng Zukunft, selwer bestëm**

**Eng basisdemokratesch Abezéiung vun de Landsleit, hieren Uleiessen & Interessen, ass wichteg a richteg!**

**Et féiert automatesch zu méi gesellschaftlechem Interessi, Partizipatioun & Bierger-Relatioun.**

**Daat politescht Recht vum Bierger, verdéngt säi Respekt & säi Wäert - Matsprooch & Matdécisioun sinn e »Must do«.**

**Sou bleift de Vollekswëllen & d'Politikvertrauen do, wann déi Prinzipie nees absolut garantéiert & respektéiert sinn.**

**Eis geet et och ëm eng gutt & existent a biergerno Relatioun, tëscht Politik & Souverän.**

**Mat eiser Iddi vu »Political Debate Clubs«, fördere mir eng ëffentlech & gelieften Debattekultur zu Lëtzebuerg!**

**Et gouf e ferme Schued fir eis Demokratie, eis sozial Kohesioun & gesellschaftlechen Dialog, an Zäite vun der Coronapandémie.**

**An zentrale Froen z.B - iwwert d'Zukunft a politeschen gesellschaftlechen Themen - soll de Bierger säi fräien Entscheed huelen.**

**Mir favoriséieren de Schwäizer Modell, eng reell a vollwäerteg Volleksparticipatioun an – eng Demokratie no Billerbuch!**

**De Referendum vun 2015 & säi Vott, duerfen net, a Fro gestallt ginn - de Wieler huet mat »80/20« Kloertext geschwat.**

**De Verfassungsreferendum, deen d'Regierung versprach, mä lénks leie gelooss huet, ass e Vertrauensbroch an d'Demokratie...**

**Wa fir dat iewescht, wichtegst Gesetz am Land, d'Vollek mol net gefrot gouf, wou gëtt een et da soss eigentlech?**

**A Saachen Demokratie, ass nach eeneges ze léieren – an déi aktuell Systemkritik huet seng Berechtegung.**

**De Respekt, d'Verantwortung & d'Vertrauen an de Bierger, sinn als Biergerrecht ze stäerken – ergo och nees Respekt an de politesche System zu Lëtzebuerg.**

**Och d'Parteiegerechtegkeet an demokratesch Defiziter e mega Problem – Zäit fir eng Reform vum aale, verstëbsten Wal- a Parteiesystem!**

**Ergo schafe mir en demokratescht Parteiegesetz & eng Revisioun vum demokratesche Fonctionnement.**

**Eng Parteiegrondlag, wou déi staatlech Parteiefinanzéierung, net just fir déi grouss Parteien, mä fir all offiziell Partei ass – dat sinn är Steiergelder!**

**Eng modern Reform vum politesche System ass noutwenneg. Et muss endlech Schluss sinn mam Monopol op Politik, Iddi & Meenung.**

**Och ee méi e gerechte Modell, deen der Parteie-, Meenungs- & Vottevillfalt, Rechnung dréit – och mat der Aféierung vun engem integrale Walbezierk.**

**Ënnert d'Fittiche kommen; d'Partizipatiounskritäre bei Walen, ondemokratesch Parteihürden, onfair Medierprésentatioun, ongerecht Wal-Arithmetik, parteifavoritistesche Walberechnungsmodus (d'Hondt-Verfahren) & ongerecht, staatlech Partei-Subventioun.**

**Sou datt Jiddereen, seng Lieblingspartei an Deputéiert, all & landeswäit, demokratesch wiele kann – an de Norden & Osten gerecht representéiert sinn.**

**Mir féieren eng Neiregelung an, datt net-gewielte Politiker, d'Urecht op Ministerposten, staatspolitesch Ämter & Minister-Paien verwiert bleift.**

**Alles anescht, ass politesche Wal-Bedruch, an entsprécht net den demokrateschen & legale Spillregelen.**

**An, eng generell Analys vun all de Parteifinanzen & Députiertepaien – Politik ass kee Selbstzweck!**

**Politik ass kee Selbstzweck – Schlussstréch fir »Politiker« & »Experten« ouni Legitimitéit, sech ni der Wal gestallt, mä trotzdem esouvill politesch Muecht.**

**Mir bauen op e parteiesch fairen, équilibréierten & konkurrenzfäege Parteie-System – datt zu Lëtzebuerg reell, eppes ännere kann!**

**Dëst och, mat fairer, medialer Representativitéit vun de Parteien op Radio, Tëlee, Medien, anere politesche Plattformen.**

**En Ofbau vun der d'Parteibürokratie, datt politesch Participatioun – och an der Oppositioun – fair méiglech ass!**

**Eis Press – als 4. Pouvoir am Staat- mam Recht op Pressefräiheet, mä ouni Cancel-Culture, Hatespeech, Ideologie, Meenungsmaach & Regierungspropaganda.**

**D'Medienimperium zu Lëtzebuerg ass ënnert staatlecher & ideologescher Regie – mir befreien d'Press vun där Gäissel!**

**Mir sti fir e fräien Investigativ-Journalismus op onofhängegen & professioneller Missioun - op neutralem, objektivem a pluralisteschem Fong.**

**JO ZUR VOLLEKSEMOKRATIE!**

**JO ZUM REFERENDUM!**

**JO ZUR PARTEIE-GERECHTEGKEET!**

**JO ZUM INTEGRALE WALBEZIERK!**

**JO ZUR POLITESCHER OPPOSITIOUN!**

**JO ZUM POLITESCHE PLURALISMUS!**

**NEE ZUR "POLITIQUE POLITICIENNE"!**

**NEE ZU PARTEIE-FAVORITISMUS!**

**NEE ZU POLITESCHER DISKRIMINATIOUN!**

**NEE ZU KORRUPTIOUN & VETTERNWIRTSCHAFT!**

**NEE ZUM IDEOLOGESCHE JOURNALISMUS!**

# IDENTITÉIT, SPROOCH & INTEGRATIOUN!



**Wann een eng Identitéit huet, dann ass ee fräi - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg seng Identitéit zeréck!**

**D'Identitéit vun engem Mënsch, setzt sech aus senger perséinlecher, sozialer, psychologescher - mä och senger nationaler Identitéit zesummen.**

**Eis national Identitéit & Nationalsprooch, schaaft per se d'Basis, fir Gemeinschaft, Zesummenhalt an Integratioun – dofir en Integratiounsplang!**

**Eng Viraussetzung, fir de Staat a säi Fonctionnement am Kär – mat senger gemeinschafts-stëftender Wierkung & als Fundament vun eiser Verfassung.**

**Eis Lëtzebuerger Sprooch ass den Zentrum vun eiser Lëtzebuerger Identitéit, nieft allen aneren offiziellen Amtssproochen.**

**Eis Identitéit ass geprägt vun eiser Lëtzebuerger Sprooch, Wäerter, Geschicht & Kultur – déi a Generatioune weider vermëttelt gi soll.**

**Mir gi Lëtzebuerg an eiser Mammesprooch, säi Stellewäert, hei am Land, an Europa an op der Welt – well mir eist Land an eis Sprooch am Häerz droen!**

**Eis eegen Identitéit & Eegenaart, verdanke mir eise Vir-Generatiounen, mat Réckbléck op de Passé & all eis Errongenschaften & Fortschrëtter.**



**Et gëllt d'Éier an de Respekt, fir all eis Resistenzler a Widderstandskämpfer am Krich géint d'NS-Friemherrschaft.**

**Gekämpft fir d'Extistenzrecht, d'Fräiheet & d'Onofhängegkeet - a konsequent géint d'Okkupatioun vun de Nazien.**

**Fir d'Gambiaregierung allerdéngs, huet d'Identitéitspolitik net déi selwecht Valeur, ewéi fir eis als konservativ Partei.**

**Eis Sprooch muss schrëftlech & mëndlech present sinn – am ëffentleche Raum, Liewen & Administrativitéit, als gemeinsam**
**, Ëmgangs-, Kommunikatiouns- a redaktionnell Sprooch.**

**Besonnesch wichteg am Commerce, beim Staat an de Gemengen, am Justizwiesen, Gesondheetsiwesen a Schoulwiesen.**

**D'Lëtzebuerger Sprooch och als Konditioun an der Aarbechtswelt – fir eng gutt Integratioun & Léierbereedschaft vun ei**

**D'Sprooch ass onverhandelbar Konditioun, fir eis Nationalitéit – dofir eng breed Offer un digitalen & non-digitale Kure, fir a**

**Der »woker Gendersprooch« oder »Critical Race Theory« - soe mir de Kampf un – béides ass kontraproduktiv fir eis Sproochesituatioun.**

**Eis Sprooch, fräi vu lénks-ideologesch Influenz & Rassismustheorien – mä dofir am Déngscht, fir eis Sprooch, Integratioun & national Unitéit.**

**Mat enger positiver Approche zur Identitéitspolitik – eng villfälteg Förderung, Weiderentwécklung & Vermëttelung vun eiser Identitéitsgrondlag.**

**Eng Vernetzung & Subventioun vun allen Acteuren um Plang, am Engagement fir eis Sprooch – mat all senge positive Formen.**

**Eis Partei schaaft en Identitéits- & Sproocheministär, fir eng ministeriell Aufgab zugonschte vun der Identitéits-Cause.**

**De lëtzebuergesche Numm, gëtt landeswäit agefouert, fir Gebaier, Institutiounen & Stroossen.**

**JO ZUM HÄERZ FIR LËTZEBUERG!**

**JO ZU EISER LËTZBUERGER IDENTITÉIT!**

**JO ZUR LËTZEBUERGER SPROOCH!**

**JO ZUM RESPEKT FIR EIS GESCHICHT!**

**JO ZUR INTEGRATIOUN!**

**JO ZU MÉI LËTZEBUERGESCH AM LAND!**

**JO ZUM POLITESCHE PLURALISMUS!**

**NEE ZUM IDEOLOGESCHE JOURNALISMUS!**

**NEE ZUR LÉNKER AGENDA!**

**NEE ZU RASSISMUS!**

# KULTUR, TRADITIOUNEN & WÄERTER!



**Wann een eng national Kultur huet, dann ass ee fräi - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg säi Kulturcharakter zeréck!**

**Eis Kultur, Ierfschaft a Wäerter sinn ze beworen a weider ze ginn, mir hale grousse Wäert, op sozial Stabilitéit & Kontinuitéit.**

**Eis Partei verschreift sech dem Engagement fir eis Kultur, Traditiounen, Bräich & Sprooch - dat ass Staatspflicht.**

**Et ass dat, den integralen, kollektiven & kulturelle Besëtz vun eiser Natioun – d'Zeechnis vun eiser Geschicht.**

**Kultur, Traditiounen a Wäerter maachen eis Heemecht an eis Personalitéit zu engem Ganzen, a ginn eis all, eng Origin, Identitéit & Heemecht.**

**Eng Natioun, déi hier Kultur wäert schätzt, baut och op seng Gesellschaft an e gemeinsamt Fundament vu Biergerwäerter op.**

**Heemechtsléift & Traditiounsbewosstsënn, schafen e Gemeinschaftsgefill – eng »Leetkultur« um Chrëschtentum, der Antik, dem Humanismus & Opklärung.**

**Mir wëllen dës kulturell Grondlag, erhalen & förderen, fir den Tourismus accessibel maachen, a géint zevill Globalismus & Mondialismus verdeedegen.**

**Enger internationalistesch Politiker, finalement op d'Käschte vun eiser Identitéit & Kultur, setze mir eis nationalstaatlech Ënnerscheedungsaart, entgéint.**

**Mir sti fir eng demokratesch, liberal an fräiheetlech Liewensweis, mä mat Gambia, erliewe mir de Verkaf an Ofbau vun eiser Lëtzebuerger Kulturalitéit.**

**Paralellgesellschaften, bannepolitesch Konflikter, Integratiounsmangel, eng onkontrolléiert Immigratioun, internationalen Afloss a radikal Verännerungen.**

**De falsche Wee!, mir fokusséiere Kulturpolitik nees zugonschte vu Lëtzebuerg a fir en echte Marketing & »Nation-Branding«.**

**E national-orientéierte Kultur- & Identitéitsmarketing setze mir en place - fir e staarkt, positiivt Image & Attraktivitéit - no bannen, ewéi no baussen.**

**De kulturellen, reliéise Patrimoine & historesch Bausubstanz steet mat eis am staatlechem Denkmalschutz & aktivem Invest.**

**Pro Integratioun och, vun där aaler, wäertvoller Architektur & Kultur – fir Gemengen mat Duerfcharme, wou ee sech nees doheem fillt.**

**Eis Traditiounen, bleiwe mat eis wat se sinn, als eis gekannten & geliefte traditionell Festivitéiten an hier Usprongsorigin.**



**Alles ouni Ëmdaf & neier Geschichtsschreiwung a punkto Kulturcharakter– als Beispill, de Chrëschtmaart bleift de Chrëschtmaart.**

**Dozou zielt eng Panoplie: Liichtmëssdag, Klibberen, Buergbrennen, Nationalfeierdag, Oktav, Allerhellgen, Allerséilen, Chrëschtdag, de Kleeschen, den Te Deum, asw.**

**Och aner Kultur-Secteuren & Veräiner - Molerei, Literatur, Musek, Film & Sport, sinn en Deel vun der Kulturzeen zu Lëtzebuerg.**

**Eng fräi & aktiv Matgestaltung- och mat staatlecher Mathëllef & Förderung, fir de kulturellen Austausch & d'Zesummenaarbecht.**

**Kulturvermëttelung gëtt och an d'Schoulen integréiert– fir e gutt, integraalt, identitéitsbaséiert a geschichtlecht Allgemengwëssen.**

**JO ZU KULTUR, TRADITIOUNEN & BRÄICH!**

**JO ZU BIERGERWÄERTER!**

**JO ZUM REFERENDUM!**

**JO ZUR LEETKULTUR!**

**JO ZUR DEMOKRATESCHER LIEWENSWEIS!**

**JO ZUM IDENTITÉITS-MARKETING!**

**JO ZUR HISTORESCHEM & KULTURELLEM PATRIMOINE!**

**JO ZU EISE NATIONALE FEIERDEEG!**

**JO ZUR KULTURVERMËTTLUNG!**

**NEE ZU INTERNATIONALISMUS!**

**NEE ZUR IDENTITEITS-OPLÉISUNG!**

**NEE ZUM IDEOLOGESCHE JOURNALISMUS!**

# POPULATIOUNSWUESSTEM & LANDESPLANUNG



**Wann een e moderate Populatiounswuesstem huet, lieft ee méi qualitativ - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg säi Liewenscharme zeréck!**

**Kommt mir kucken heifir d'éischt, e puer Zuelen a Fakten!**

**Lëtzebuerg huet eng territorial Fläch vun 2.586 km² - 12% vum Territoire si verbaut - ronn 240 Fussballfelder Fläch, ginn all Joers verbaut!**

**An eng Populatioun vun aktuell 672.691 Awunner - se setzt sech zesummen aus aktuell 52,60% Lëtzebuerger & 47,40% Auslänner.**

**Mat ronn 143.407 Leit mat auslännescher Origin, ronn 195 verschidde Nationalitéiten, hei am Land.**

**A bal 12.000 Flüchtlingen, liewen och hei zu Lëtzebuerg - 92,9% ginn op de Migratiouns-Saldo.**

**Mä och ronn 216.490 Grenzgänger kommen all Dag, an eist Land schaffen.**

**Allerdéngs, sinn am Laf vun der Zäit, och eng 50.000 Lëtzebuerger aus eisem Land, ausgewandert – Schold ass d'Exilpolitik vu regierungspolitescher Säit.**

**De Populatiounswuesstem ass d'Fro, wéi grouss soll Lëtzebuerg an Zukunft ginn, a wéivill Leit sollen hei liewen?**

**D'Fro ass, wëlle mir um Enn, e moderate Wuesstem, mat Fräiheet & Liewensqualitéit & enger fräi sozial Maartwirtschaft?**

**Oder mat Gambia a Richtung sozialistesch/kommunistesch Planwirtschaft, mat ëmmer méi Staat an eisem Liewen?**

**Gambia wëll den 1. Milliounenaswunnerstaat mam Modell Genf – mir wëllen de moderate Wuesstem mam Modell Lëtzebuerg!**

**E Modell fir d'Lëtzebuerger, an deen zu Lëtzebuerg passt- eng politesch Zukunftsvisioun op Basis vum Fokus op Lëtzebuerg!**

**Dofir ass fir eis, och den Territoire zu Lëtzebuerg, ass e wichtegen Deel vun eiser Identitéit & Souveränitéit.**

**Fir eis ass den Erhalt & Sécherung vun eisem Land a senge Grenze wichteg – am Sënn & Zweck eis territorial Integritéit & Wäerter ze schützen.**



**Den extreme Populatiounswuesstem ass de Kär vum ganze Problem, well et eng Aart »Pyramide-System« ass - ouni Sécherheet & Zukunftsgarantie.**

**Et geet ëm Froe vun demographescher Evolutioun, der Gebuerterat, der Netto-Zouwanderung & Frontaliers-Zuel.**

**Dofir muss dës akut Wuesstemsfro, endlech realistesch gekläert ginn - d'Situatioun zu Lëtzebuerg, erfuerdert eng anticipéiert an nohalteg Landesplanung.**

**Et geet ëm prinzipiell, systematesch a fundamental Froe vun der Landesplanung & Entwécklung als Land.**

**An dofir steet, a fält de System mat der Fro vun der Wuesstemsapproche & dem Wuesstemsmodell zu Lëtzebuerg.**

**Eis Partei fuerdert eng Analys a Saache Kapazitéite, Ressourcen, an Espace – souwéi engem générellem, populative Wuesstems-Impakt op eist Land.**

**Well de Constat ass, datt Lëtzebuerg iwwert seng Verhältnisser lieft, d'Regierung keng Kontroll a Brems a Saache Populatiounswuesstem huet – an eist Land macadamiséiert & zersiddelt.**

**An der Landesfro ass en anticipéierten & kontrolléierte Populatiounswuesstem wichteg - och a Considératioun vun der Immigratioun;**

**Et gëllt och d'Gemengenautonomie & d'Gemengekompetenzen voll a ganz ze respektéieren – a manner staatlechen Dirigismus!**

**An, eng Abannung vun de Landsleit, déi zesumme mat de Gemengen, a priori d'Matsprooch an der Landesgestaltung hunn.**

**Heifir fuerdere mir de Volleksreferendum, fir eng gemeinsam Visioun, a wéi eng Richtung d'Zukunft goe soll.**

**Also eng Virstellung, Participatioun & Matmaach vun der Zivilgesellschaft, de Betriber an de Gemengen a Saache Landesgestaltung.**

**A wou endlech, eng fundamental Wuesstemsapproche & Systemännerung kënnt, fir eisen existenzielle Fortbestand ze sécheren.**

**Ëmmerhin ass et d'Aufgab vum Vollekssouverän, sech seng Zukunftsvisioun fir Lëtzebuerg aus ze molen!**

**All eis Problemer gi notamment op de Populatiounswuesstem zeréck, oder hänke mat dëser Iwwer-Bevëlkerung zesummen – mat groussem Impakt op eis Liewensqualitéit.**

**Eis Liewensweis ass impaktéiert duerch dës Politik, vun ëmmer méi Wuesstem an Zentraliséierung - a Richtung vun engem iwwerpopuléierte Staat.**

**Den demographesche Wandel awer, stellt Lëtzebuerg, seng Plaz, seng Kapazitéit an seng Infrastruktur & Servicer, virun eng enorm Belaaschtung.**

**Dëst ass eng ongesond Entwécklung, well eist Land dësen extreme Wuesstem, net méi packt a keng Wuesstemskapazitéite méi huet.**

**De Bevëlkerungswuesstem, leeft onënnerbrach, ass déi héchsten Entwécklung hei zu Lëtzebuerg – am Verglach mam Ausland, an och mat Fréier zu Lëtzebuerg!**

**An dës Tendenz, ass steigend - de Statec prognostizéiert, eng Bevëlkerungsentwécklung a Richtung 1. Milliounen Awunnerstaat bis d'Joer 2050 – mir si kategoresch dogéint.**

**An all Joer, wiisst net just eis Populatioun, mä domat och d'Problemer an der sozialer Fro, dem Zesummeliewen, der Liewensqualiteit, dem Traffik etc p.p.**

**Den Impakt op Mobilitéit, Infrastruktur, Sozialwiesen, Wunnéngsmaart, Loyer'en, Ëmwelt asw., sinn also eng direkt Konsequenz.**

**Alles leit u sech, ënnert dësem falsche, kontraproduktive Wuesstemsmodell, a schléit sech och, a ville Liewensberäicher, néier.**

**Wéi gesäit d'Realitéit dann aus? Wou hu mir ewell genuch Problemer, Defiziter a Misär?**

**Ma fir e puer Beispiller ze nennen:**

- **De gesamt-staatleche Scholdestand**
- **ëffentlech Defiziter am Budget**
- **den onausgeglachene Wirtschaftswuesstem**
- **d'Rekord-Inflatioun & d'Präisdeierrecht**
- **déi problematesch Energie- & Waasserversuergung**
- **de Sozialmodell**
- **de Gesondheetsystem,**
- **d'Rentemauer**
- **de fachspezifesche Personalmanktem a ville Beruffssparten**
- **den Infrastrukturmangel *(Eisebunnslinnen, Schoulen, Sportplazen, Recyclingen, Spideeler a Spidolsbetter, ...)***
- **déi wuessend Aarbechtslosegkeet**
- **de Verkéierschaos, Trafik & Stau op den Autobunnsachsen & Knietpunkten**
- **déi aktuell Wunnengsnout**
- **de Verwaltungsapparat vum Staat mat de Servicer & Beamten, ...**

**Alles dat si Fakten, Realitéiten & Considératiounen, déi weisen, datt mir keng Kapazitéite méi als Land hunn, an eist Potential verléieren.**

**Fakt ass: Eng Dezentraliséierung vun der Aarbechts- & Aktivitéitswelt zu Lëtzebuerg – souwuel am ländlechen, ewéi urbane Raum, ass absolut noutwenneg!**

**Just wa mir eis méi breet, strukturell & proximitéitsno am Land opstellen, ass dat IVL-Konzept realistesch – d'Connectioun vu Wunne, Schaffe, Fräizäit.**

**Iwwerdeems steet d'Landesplanung, fir eis Partei, am kloere Respekt zur Gemengenautonomie, an der Zesummenaarbecht op Gemengelevel.**

**Mir schafen d'Bürokratiemonster af & vereinfachen de System – heizou zielen IVL, Plans sectoriaux, Plans directeurs régionaux, PAG op Gemengenniveau.**

**Dëst och am Wëssen, ëm d'Gemengemissioun an der Landesplanung, well si ass méi aal, ewéi de net-verbëndleche Leetprogramm vun 2003.**

**Finalement, gehéiert awer dozou: eng dicht Bebauung (a priori am Bauperimeter), d'Limitatioun vum Buedemverbrauch, d'Schléisse vu Baulücken & Erschléisse vu neien Terrainen & d'Mobiliséierung vu Baulandreserven.**

**JO ZUM MODERATE WUESSTEM!**

**JO ZUR ANALYS VUM POPULATIOUNSWUESSTEM!**

**JO ZUR DEZENTRALISEIERTER LANDESPLANUNG!**

**JO ZU ENGER ANERER BAUKULTUR!**

**JO ZUR HISTORESCHEM & KULTURELLEM PATRIMOINE!**

**JO ZU EISE NATIONALE FEIERDEEG!**

**JO ZUR KULTURVERMËTTLUNG!**

**NEE ZUM 1.000.000+ AWUNNERSTAAT!**

**NEE ZU INTERNATIONALISMUS!**

**NEE ZUM SOZIALISMUS & KOMMUNISMUS!**

**NEE ZUR IDENTITEITS-OPLÉISUNG!**

**NEE ZUM IDEOLOGESCHE JOURNALISMUS!**

**NEE ZUM ZENTRALSTAAT!**

# LOGEMENT & MOBILITEIT!



**Wann ee gutt wunne kann, lieft ee fräi - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg säi normaalt Wunnen zeréck!**

**Eis Prioritéit an der Wunnéngspolitik ass de Gemengebierger.**

**D'Wunnéngsmaart-Politik steet fir eis, op der Regel vu Förderung vun Eegeverantwortung, Eegentum & Maartléisung.**

**Eng maartwirtschaftlech a sozial Solutioun, keng zevill staatlech Interventioun & Reguléierung an der Wunnéngsmaartpolitik.**

**Dofir sti mir fir de konsequente Schutz vum Privateegentum & Privatkapital, géint sozialistesch Enteegnungsfantasiën & Kapitalklau.**

**De fräie Maart ass de beschte Mechanismus, fir d'Relatioun vun Offer & Demande – dëse Prinzip bestëmmt Präis & Disponibilitéit vu Wunnéngen um Maart.**

**Gekoppelt allerdéngs un eng sozial Rumm mat Subventiouns-Komponenten, Steierentlaaschtungen & Kredit-Optiounen.**

**Mëttlerweil ass de Logement zur Iwwerliewens- & Existenzfro vun eis als Ottonormalbierger & Steierzueler ginn – eng sozial Perspektivlosegkeet.**

**Realitéit ass: Wunnengsmaartkris, feelende Wunnraum, Landflucht, ëmmer méi Mono-Persounenhaushalter, souwéi de Faktor Migratioun.**

**Vill Leit, kënne sech de Liewensstandard & eng Wunneng, bei dësen Immobilien- a Loyer's-Präisser zu Lëtzebuerg, net méi leeschten & finanzéieren!**

**Zil an der Wunnéngspolitik ass Eegentumsförderung & Verméigensopbau – also Bierger am Besëtz vum Eegenheem, beschtefalls befreit vu Mietkäschten.**

**Eng Propriétéit fir Jiddereen - d'Grondlag vum Privat- a Familljeliewen & déi fräi a familiär Entfaalung als Individuen am Staat.**

**E soziale Wunnengsbau-Fong gëtt agefouert – fir sozial-erschwéngleche Wunnéngsneibau & Ausweisung vu Baul Baulandreserven.**

**De Staat huet seng sozial Verflichtung - fir sozial Loyer'en & d'Upassunge vum Loyers-Subsid un d'Präisdeierrecht & seng Entwécklung.**

**Inklusiv am Package; Wunngeld, TVA-Senkung & Steiervergënschtegungen, Subsiden, staatlech Kreditter, sozial Programmer & professionell Ënnerstëtzung & Berodung fir Locatairen.**

**Elo alles e risege Käschtepunkt, de Finanzement vum Alldag, den Ënnerhalt vun der Famill, a nach Steier bezuelen - geschweig sech mol eng Vakanz ze gënnen!**

**An och mat staatlechem Budget, bleift eis Staat & Politik op de Feescht, wann ëm't de Kaf, d'Locatioun oder de Bau vum Eegenheem geet.**



**Mir verankeren, e fräie Prinzip am Bautereglement - d'Wonschhaus no fräier Baukultur ze gestalten – ouni staatlech Interferenzen & Enteegenung.**

**Mat am Plang, och d'Förderung vu Wunngemeinschaften (WG), méi Studente-Wunnengen & anere moderne Wunn-Konzepter.**

**Esou schafe mir och en alternatiivt Zesummeliewen, fir Jonk & Aal, generationell & inter-generationell & fir all soziale Status.**

**Mir setzen eng administrativ Simplifikatioun, Digitaliséierung & Accélératioun am Prozedurwiesen a Kraaft.**

**Ergo, eng Vereinfachung & Vereenheetlechung vu Baugeneemegungen, Standarten, Virgaben, Hürden & Administrativitéit.**

**Aktuell Klima- & Energie-Normen & Prinzipien, ënnerzéie mir enger Analys.**

**De gréngen Energiepass, Heiz- & Sanéierungsflicht musse fort – de substanzielle Käschtepunkt erof.**

**Och d'Responsabilitéit, d'Rechensschaftsflicht & d'Haftung vu Privatpromoteuren – fir bautechnesch Feeler, Timingsfroen, mësslonge Projeten!**

**De Modell vum Ierfpachtvertrag (bail emphytéotique) ersetze mir duerch de Modell vum »portage foncier« – mat Virkafsrecht.**

**Esou gi mir de Propriétairën um fräie Maart, och nees eng Plus-Value op hiren Immobilien & Terrain'en.**

**Mir setzen e gerechte Punktesystem en place - Prioritéit & Preferenz, a priori, fir d'Awunner & fréier Awunner aus der Gemeng.**

**Fir eng Revolutioun a Saache Mobilitéit, setze mir eis fir de Monorail an - e futuristescht a modernt Mobilitéits-Konzept.
De Monorail ass eng Grouss-Investitioun an d'Land – a léist och um Fong, eis Verkéiers-Problematik.**

**Justement als eng Ee-Schinn-Bunn konzipéiert, apaart vum Stroossennetz, - an anescht ewéi den Tram, eng reell Verkéiers-Entlaaschtung bewierkt.**

**Mir bleiwen awer och der klassescher Mobilitéit trei, halen um Auto & Verbrenner fest – mat niddrege Spritpräisser & Versécherung.**

**Mir setzen eis och fir méi Parkraum, adaptéiert Parkzäiträim, Stroossenetzinstandhaltung & flexibel Horairen an – och fir Citybusservicen!**

**Och fir Frontalieren, déi esou direkt op hier Schaff, hiert Doheem oder eng gesellschaftlech Aktivitéit kommen.**

**Parallel, setze mir op e professionellen ëffentleche Noverkéier (ÖPVN), aner Mobilitéitsalternativen & realiséieren den Ausbau vu méi Autobunn-Spueren.**

**Zousätzlech, strukturéiere mir d'Land op eng dezentraliséiert Aarbechts- & Aktivitéitswelt, ëm.**

**Zil ass et, nees Mobilitéitsfreed hirzestellen, datt d'Leit, séier, flexibel a sécher vu Plaz A op Plaz B kommen .**

**Och um Tank-Tourismus hale mir fest, deen all Joers 1 Milliard € Recette, fir eise Staat heescht.**

**E flächendeckenden, weideren Ausbau vum Radar-System & Schikane fir den Automobilist, leene mir of.**

**JO ZUR FRÄIER, SOZIALER MAARTWIRTSCHAFT!**

**JO ZUM EEGENHEEM & ZESUMMELIEWEN!**

**JO ZU ERSCHWÉNGLECHEM WUNNRAUM!**

**JO ZUR SOZIALER ENTLAASCHTUNG!**

**JO ZU ABORDABELE LOYERS- & WUNNENGSPRÄISSER!**

**JO ZUR PRIORITEIT VUM GEMENGEBIERGER!**

**JO ZUR ADMINISTRATIVER SIMPLIFIKATIOUN!**

**JO ZUM PROJET MONORAIL!**

**JO ZUM AUTO & VERBRENNERMOTOR!**

**JO ZUR MOBILITEITSFRÄIHEET!**

**JO ZUM TANK-TOURISMUS!**

**NEE ZUR GRÉNGER AFZOCK-POLITIK!**

**NEE ZU STAATLECHER ENTEEGNUNG!**

# GESELLSCHAFT & FAMILL!



Fir eis Partei, dréint sech alles ëm't d'Individuum - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg säi Bierger-Mëttelpunkt zeréck!

Eng Politik fir de Mënsch am Staat & Gesellschaft, als den zentrale, politesche Mëttelpunkt.

Jidderee als Deel vun eiser Gesamt-Gesellschaft, an aus dem Fait, ergëtt sech och eng gesellschaftlech Situatioun & Realitéit.

Grondlag an der Gesellschaftspolitik, ass eis Roll als Individuen an der Gesellschaft, Eltereschaft an der Famill - eis Gesellschafts-Wuerzel.

De politeschen Ëmgang mam Eenzelne, ergëtt och eng Politik als Basis fir d'Gemeinschaft an d'Biergerwuel - also d'Gesamtheet vun alle Leit.

Aus soziologescher Perspektiv, ass dat also déi sozial Zesummefaassung & Interaktioun vun alle gesellschaftlechen Acteuren.

Mir erliewen hei, datt de Staat sech ëmmer méi an d'Familljeliewen amëscht, an eng ideologesch Familljepolitik mécht.

Gambia mécht eng Anti-Familljepolitik - mir setzen awer eis Familljen-orientéiert Politik am Intérêt fir eis Familljen & monoparental Elterendeeler an!

A mir bleiwen dobäi, datt de Respekt & d'Honorabilitéit fir eis Familljen & Elteren erhale bleift – och den Eltrentitel als Mamm oder Papp.

Eng eng zentral Wäertschätzung fir eis Familljen, heescht, eng familljen- & kannerfrëndlech Politik, als wichtegen Invest an eis Gesellschaft.

Eng proaktiv Familljepolitik – mat Familljegrënnungen, Familljewäerter a Famillejeliewen – sinn, a bleiwe, wichteg!

D'Familljewiesen & d'Eltereschaft - de Vollzäitjob als Mamm/Papp, kritt nees politesch & gesellschaftlech Unerkennung.



E Famillje-Régime gëtt agefouert, mat finanzielle Famillje-Prestatioun - Prioritéit ass en »Elteregeld« mat »Pensiounsurecht« ze schafen – plus, eng steierlech Entlaaschtung & Indexéierung vum Kannergeld.

Déi fräi Choix'en an der Kannerzéiung bleiwen erhalen– ob Doheem oder a staatleche/kommunale/private Strukturen.

Mir suergen iwwerdeems, och fir gutt kommunal & staatlech Kannerbetreiung & kannergerechten Environnement.

Mat eis, gëtt et och e gemeinsamt & gerecht geregelt Familljen- & Suergerecht, mam Kand am Mëttelpunkt.

Suergerechtsenzuch bleift eng Ausnam – mir setzen op Jugendamt, fair Justiz, professionell Mediatioun & kandsgerecht Léisungen.

An eisem Pro-Famillje-Konzept, si Betreiungs- & Bildungsprogrammer fir Kanner & Jugendlecher, mat integréiert.

Eng staatlech/schoulesch Fréisexualiséierung, Sexualpädagogik & Genderpolitik, leene mir of – Sexualopklärung ass Aufgab & Kompetenz vun den Elteren.

Ansonste gëllt, de Respekt & d'Verständnis, fir d'Invidualitéit an d'Fräiheeten vu Jidderengem – de Staat hale mir par principe, aus dem eegene Liewenschoix!

Mir gi Garantie op eng fräi & privat Liewensgestaltung & Liewensgemeinschaft– egal ob homo- oder hetero.

**JO ZUM MËNSCH AM MËTTELPUNKT!**

**JO ZUM FAMILLJE-KONZEPT!**

**JO ZUR GESELLSCHAFT & ALLGEMENGWUEL!**

**JO ZUM ELTEREGELD & FAMILLJE-PRESTATIOUNEN!**

**JO ZUM FRÄIE CHOIX AN DER KANNERERZÉIUNG!**

**JO ZUR PRIORITEIT VUM GEMENGEBIERGER!**

**JO ZUR ADMINISTRATIVER SIMPLIFIKATIOUN!**

**JO ZUR FRÄIER LIEWENSGESTALTUNG!**

**NEE ZUR STAATLECHER SEXUAL-PÄDAGOGIK!**

**NEE ZUR ANTI-FAMILLJEPOLITIK!**

**NEE ZUR STAATLECHER AMËSCHUNG!**

**Eis Partei bekennt sech kloer, als Deiereschutz-Partei - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg säi Respekt fir d'Déier zeréck!**

**Mat eis gëtt den Déiereschutz groussgeschriwwen – eng staark a virbildlech Déiereschutzpolitik, als eist konservatiivt Uleies.**

**An domat, och eng Verantwortung vun eiser integraler Gemeinschaft fir d'Dignitéit vum Déier – Déiereschutz huet Virrang!**

**Humanitéit ass net just fir Mënscherechter an ze stoen, mä och fir Déiereschutz an Déierrerechter ze kämpfen.**

**Mat Häerz & Respekt fir eis Déieren: Fir eis ziele, sozial Wäerter, d'Déierwuel, Matgefill a Verantwortung.**
**Domat verbonnen och, eng Opwäertung & Ënnerstëtzung, vum Éierenamt, Deiereschutz-Veräiner & déierefrëndlechen Initiativen.**

**Och déi finanziell, raimlech a personell Ressourcen, musse fir eng gutt Déiereschutzpolitik, ginn a garantéiert sinn.**

**Mir setzen eis an, fir d'Schafe vun d'Déierenheemer-, -asyler an Opfangstatiounen – och am Norden!**

**Och d'Integratioun vun enger déierefrëndlecher Schoulpädagogik & allëmfassend Vermëttelung vun Ethik & Biologie.**

**Eis ëffentlech Hand soll verstäerkt an d'Déiereschutzpolitik, investéieren, Fördermëttel ginn, eng ideal Infrastruktur & Encadrement, ubidden.**

**Mir féieren eng gesetzlech Grondlag an, déi d'Déierepolitik méi spezifesch, regelt.**

**De Kader gesat, a jeeweils eng adaptéiert Politik am Kontext vun Hausdéieren, Wëlldeieren an Zuuchtdéieren.**

**An, wou Déierequälerei & Déieremuerd (Animal Crusing), ënnert e méi staarke, penale Strofkader setzt, also eng aartgerecht Haltung garantéiert.**

**Donieft, e strikt Verbuet vun onnéidegen Experimenter & Déiereversich, duerch Erfuerschung fir alternativ Methodik & medezinesch Praxis.**

**De Konflikt vun Déiereschutz & Relioun setze mir op den verankerte Prinzip & Kompromëss: Kee Schluechten vum Béischt, ouni Betäubung! Esou ginn Déieremord-Ritualer & Déiereleed, net zur allgemenger Praxis zu Lëtzebuerg!**

**Déi allgemeng Käschten mussen erofgesat ginn, Rasselëschten fir Muppen ofgeschaaft & Privathaltung ënnerstëtzt.**

**De Schutz vu grénge Liewen- & Fräiraim & engem gudde Naturschutz (opgepasst: keng Klima-Ideologie!) steet mat eis am Virdergrond.**

**Engagéiert, fir eng propper Ëmwelt, gesond Flëss & fruktiv Biedem – mä eng rout Kaart, fir de weideren Ausbau vu Wandkraaftanlagen.**

**Jo och zur moderner Atomenergie, déi eis fundamental Grond-Energieversuergung ass & de gesonden Energiemix.**



**Och eng landwiertschaftleche Déierenhaltung & Agrarpolitik, ewéi och den ekonomesche Volet, ass mat am Konzept.**

**D'Déierenhaltung an der Landwirtschaft, steet mat eis, idem och op enger rechtskonformer Grondlag.**

**Mir stinn och fir déi traditionell an/oder bio-landwirtschaftlech Politik, eng nohalteg Agrarpolitik - ouni Pestiziden, Düngemëttel, Glyphosat.**

**Mat eis zielt och nees de Respekt & d'Wäertschätzung an d'Beruffe vum Bauer, Imker, Wënzer, asw. – a mir ënnerstëtzen och d'Bauere-Maniffen!**

**Esou fördere mir och eis lokal, regional a national Landwirtschaft & Produktivitéit– géint d'EU, hier Oplagen & Diktater.**

**Och d'Schluechtbetriiber, mussen a Konformitéit mam Déiereschutz an de gültegen, um Déierwuel baséierten an orientéierte Regele, schaffen.**

**Mëssstänn gi bekämpft, Massendéierenhaltung ageschränkt, en déieregerechten & distanzkuerzen Transport fir Notz- a Schluechtdéieren gepréift, kontrolléiert & sécher gestallt.**

**D'Juegdmissioun selwer, regele mir duerch e strengt Juegdgesetz am Intérêt, fir dat natierlecht Gläichgewiicht vun der Populatioun ze halen.**

**D'Juegd zielt, zesumme mat där u Gewënn vu Naturproduit'en orientéierter Landwirtschaft, Forstwirtschaft & Fëscherei zur Urproduktion.**

**Op Basis vun där Grondlag an Erkenntnis, verbidde mir allerdéngs, den Asaz vun Doutschlagfaalen resp. Liewendfaalen.**

**Privathaltung vun exoteschen, gëftegen & geféierlechen Déieren, gëtt verbueden - Risiken, ewéi z.B d'Iwwerdroe vu Krankheeten, och maximal ausgeschloss.**

**Zoo'en, ënnerleien enger regelméisseger Kontroll & Wanderzirkussen, gi mir keng Permissioun.**

**Als Partei, Mënsch an Déier, zesumme vereent, fir eis gemeinsam Déiereschutzcause!**

**JO ZUM DÉIERESCHUTZ!**

**JO ZUM INVEST AN EIS DEIEREPOLITIK!**

**JO ZU ENGEM DEIEREFRËNDLECHE GESETZESKADER!**

**JO ZUM NATURSCHUTZ!**

**JO ZUR LANDWIRTSCHAFT!**

**JO ZU EISE BAUEREN, IMKER, WËNZER, ASW!**

**JO ZU REGIONALER, LOKALER & NATIONALER PRODUKTIVITÉIT!**

**NEE ZU DEIEREMUERD!**

**NEE ZU DÉIEREQUÄLEREI & EXPERIMENTER!**

**NEE ZU MÉI WANDKRAAFTANLAGEN!**

**NEE ZUM EU-DIKTAT!**

# BANNESÉCHERHEET & KRIMINAL-OFFENSIV!



**Terror & Organiséiert Kriminalitéit - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg, seng bannescht Sécherheet zeréck!**

**Mat eiser Partei heescht d'Motto: "0 Toleranz fir echt Kriminalitéit" - mir sti fir eng Garantie op national & bannescht Sécherheet.**

**Eis Gambia-Regierung, huet eis Police definitiv am Stach gelooss, an ass der graver Situatioun keen Här & Meeschter!**

**Dës Kriminalitéits-Wellen déi Lëtzebuerg heem sichen, sinn eng grouss Gefor fir de soziale Fridden & d'Allgemengheet.**

**De Respekt fir eise Rechtsstaat, seng Gesetzer & Uerdnung - a maximal Sécherheet am Land - eng absolut national Prioritéit!**

**Mir léisen de Problem mat engem direkten Offensiv-Programm- mat enger effikasser Strof-Justiz – amplaz als »Kuschel-Justiz« an der Kriminalitéit!**

**Mir suerge nees fir dat richtegt Verhältnis, tëscht Sécherheet & Fräiheet - mat eis gëtt Police gestäerkt & d'Libertéite geschützt.**

**An aktiv, séier & effikass Poursuitën & Bestrofen vun Täter – zugläich, eng gerecht Entschiedegung fir Affer & Victimen!**

**A mam fundamentale Prinzip vum Afferschutz – statt Täterschutz & ouni Polizeistaat, mä mat Fokus op Police & Bekämpfung vu Kriminalitéit.**

**Mir setzen e staarke Police-Plang - mat engem professionelle Kader fir d'Police en place - d'Sécherheet vum Vollek ass fir eis, onverhandelbar.**

**Eise Plang setzt op eng offensiv a konsequent Strategie zur Bekämpfung vu Kriminalitéit an all sengen Dimensiounen.**

**Zesummen aus enger multivektorieller Direkt-Initiativ, enger psychologescher Attack, enger Blëtz-Aktioun mat Zivilsträifen & vernetzter Zesummenaarbecht, direkte Moossname géint Auslännerkriminalitélit, der Zerschloung vun Terrorgangs & Grousskriminalitéit, justizieller Prioritéi Setzung & Entlaaschtung vun de Policeforce, Ofschafe vu Bagatell-Gesetzer, Neiausriichte vum Rekturéierungs-Prozess. Och kommunal Propositiounen, si mat am Konzept.**




**Eng staark Police - mat méi Präsenz & Personal-Rekrutement, adäquater Sécherheets-Infrastruktur, professionellem Ékippement, erweiderter Sécherheetsergänzung (Gemengebeamten, Sécherheetsmëttel & Streetworking).**

**Mir wäerten och Analys & Statistik féieren a Saachen In- & Auslänner-Kriminalitéit – an en Ausweisen & Remigrationspolitik fi illegal an/oder kriminell Persounen an hiert Heemechtsland.**

**Och bilateral Léisungen zum Hébergement & Afschiebungen, a keng Abiergerungen op Basis vu kriminellem Passé – d'Nationalitéit kann oferkannt ginn.**

**Eis Arméi ass och e wichtege Sécherheetsgarant - fir d'Défense, d'national Stabilitéit & Uerdnung – dofir sti mir och fir eis Arméi an!**

**Mir setzen de Verdeedegungs-Haushalt erop - Invest & Stäerkt fir d'Militärwiesen & ouni Sacrifice vun Hoheitsrechter – géint eng europäesch Gesamt-Arméi.**

**JO ZUR MAXIMAL-SÉCHERHEET!**

**JO ZUR POLICE & DEMOKRATESCHE RECHTSSTAAT!**

**JO ZUM NEIE POLICEPLANG!**

**JO ZUR OFFENSIVER KRIMINALITEITS-BEKÄMPFUNG!**

**JO ZU STABILITEIT, UERDNUNG & GESETZER!**

**JO ZUM AFFER-, STATT TÄTERSCHUTZ!**

**JO ZUM REMIGRATIOUNS-PRINZIP!**

**NEE ZUR IN- & AUSLÄNNERKRIMINALITÉIT!**

**NEE ZUR EU-ARMÉI!**

**NEE ZU DÉIEREQUÄLEREI & EXPERIMENTER!**

**NEE ZU MÉI WANDKRAAFTANLAGEN!**

**NEE ZUM EU-DIKTAT!**

# FRIDDENSPOLITIK & GEREGELT MIGRATIOUN! ❤



**Eist Existenzrecht, Nationalinteressen & Souveränitéit sinn A & O an der Baussepolitik - eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg, seng baussescht Sécherheet zeréck!**

**Aussepolitik op Basis vu Friddenspolitik ass och eng Garantie op national Sécherheet - mir halen d'Prinzipie vun der Friddenspolitik héich.**

**Lëtzebuerg huet eng Verantwortung fir de Fridden an Europa - mir sinn 100% Friddenspartei & fir international Vëlkerfrëndschaft.**

**Als militäresch Muecht-Balance mat eiser Arméi, gepoart mat Diplomatie & aussepolitescher, nationaler Interessevertriedung.**

**Fir eis gëtt et keng aner generell Positioun, ewéi Nee zu alle (vëlkerrechtswiddrege) Kricher ze soen!**

**Krich resultéiert just a Leed, Misär & Onmënschlechkeet – féiert zu  Vëlkersträit, méi Afschottung, a méi Instabilitéiten.**

**Eis Grond-Approche, ass déi vu Vëlkerverständnis & internationalem Respekt - och fir eist Land!**

**Et geet näischt an der Baussepolitik, ouni Vëlkerdialog, diplomatesch Verhandlungen, international Allianzen & friddlech Konflikt-Léisungen.**

**An, humanitärer Hëllef, engem Ausseminister wierdeger Diplomatie, initiéierte Friddens-Initiativen & Delegatiounen &  Waffestëllstands-Verhandlungen.**

**Iwwerdeems och, enger Vermëttelung & dem Erhalt vun eisen kulturellen & ethesche Wäerter, ewéi och Fridden, Fräiheet & Demokratie.**

**De Bilan vum Ausseminister & Ausseministär, sinn eng eenzeg Katastrof & een totalen Image-Schued fir eis Reputatioun als Lëtzebuerg.**

**Ob a Saache Vëlker-Bezéiungen, internationalem Dialog & Ofkommessen, der Flüchtlingsfro, asw., stellt ee just de kloeren Échec vun eiser Aussepolitik fest...**

**A genee doduerch, hu mir Problemer an eiser Energieversuergung, Präisdeierecht, oder en allgemenge, Wirtschaftsmangel.**

**Speziell mam russesch-ukrainesche Krich & Konflikt, beduerf et enger staatsmännescher Baussendiplomatie ouni Faux'pasen.**

**Mat eis, gëtt et eng Opklärung vun de Verstéiss géint d'Vëlkerrecht op béide Säiten & eng gemeinsam Klärung vun oppene, politeschen, historeschen, militär-geschichtlechen & territorial-geografesche Froen.**

**Mir halen un der Neutralitéitsflicht fest, fir eng diplomatesch Friddensléisung & De-Eskalatiounspolitik an alle Staatekonflikter.**

**Also, géint e militärescht, personellt & finanziellt Involvement a frieme Kricher, eng Gefor fir eis national Sécherheet & Stabilitéit.**

**Och am russesch-ukrainesche Krich & Konflikt, si mir pro Friddens-Léisung, a géint Waffe-Liwwerungen, Sanktiounen & politesche Bashing.**

**Mir wëlle Lëtzebuerg net fir e frieme Krich an auslännesch Krichs-Motivatiounen- & Interessen, engagéieren.**



Eis eege Sécherheets-Interessen, Sécherheetslag & Souveränitéit si wichteg – dofir musse mir an eis Verdeedegungsmoossname investéieren.

Dat hei, ass ee vun dëse geopolitesche Weltspiller, wou et ëm Muecht, Ressourcen & imperalisatesch Groussmuecht-Fantasië geet.

D'NATO stelle mir a Fro, als Instanz & Programm – wie Krichsallianz spillt, ka keen internationaalt, friddens-stëftend Verdeedegungs-Bündnis sinn.

Mir huelen eis Partner-Relatiounen ënnert Lupp - eng Revisioun vun eisem aussepolitesche Programm.

Partnerschaftlech Relatiounen a Kooperatioun - mä ouni Ofhängegkeet & Diktat vum Ausland.

Mir soe Jo zum Nationalstaat - a setzen och op de Modell vum Europa vun de fräien & souveräne Natiounen & a géint déi aktuell Europäesch Unioun (EU)!

Mir léisen eis, vun der baussepolitescher & militäresch Influenz vun den USA, a stellen och Nei-Verhandlunge vun internationale Verträg an Aussiicht.

Eng ekonomesch Relatioun mat China bleift wichteg, eng politesch Relatioun mam Kommunismus allerdéngs, kënnt fir eis net a Fro.
En EU-Bäitrëtt vun der Tierkei, ewéi allgemeng eng EU-Erweiderung, och a Richtung Osten, schléisse mir aus – europäesch Integratioun, Zentraliséierung & Homogenitéit, si gescheitert.

Länner, wou eng Politik géint Mënscherechter, Demokratie a Fräiheet praktizéiere – graff gesot, si Relatioune mat (Militär-)Diktaturen, semi-presidentiell Republiken, an aner Forme vun autoritäre Regimer, af ze leenen.

Mir si fir eng „Zwee-Staate-Léisung" am Israel-Palästina-Konflikt – mam Existenz-Recht Israels & gudder Kooperatioun, mat där eenzeger Demokratie & modernem Industrieland am noen Osten.

De Budget fir Entwécklungszesummenaarbecht setze mir op de vereenbaarte Minimum vun 0,7% vum BIP - déi finanziell Differenz ass de Lëtzebuerger, ze gutt kommen ze loossen.

Mir setzen an der Migratiounsfro, op e System, deen tëscht legaler Awanderung & Asyl ënnerscheet – an de Mëssbrauch an eis Sozial-Systemer bekämpft.

Mir garantéieren esou, e legalen, kontrolléierten a& effikassen Immigratiouns- an Asyl-System, fir de Schutz an den Hébergement, fir éierlech Flüchtlingen.

Dëse System, ass deen vun enger restriktiv-selektiv Immigratiounspolitik - mat Limitten!
Mir sinn oppe fir Jiddereen - mä konsequent am Asylrecht, dat heescht, mir halen un de Kritären & Gesetzeslag vun der Flüchtlings-Konventioun 1951, fest.

Gerecht & legal Migratioun, heescht fir eis, Respekt fir d'Gesetzeslag & sécheren, temporäre Schutzopenthalt bis zur Réckféierung an d'Heemechtsland.

Et opläit dem Nationalstaat eleng, seng Immigratiounskapazitéit & seng Opnam-Bereetschaft, ze décidéieren & géréieren.

Eng vollwäerteg Integratioun fir Leit, déi sech hei néierloosse wëllen, ass eng absolut Konditioun.

Mir verschreiwen eis och engem professionelle Grenz-Schutz, an de Kampf géint déi illegal Masse-Migratioun.

**JO ZU FRIDDEN & FRIDDENSMISSIOUN!**

**JO ZU DIPLOMATIE & VËLKERDIALOG!**

**JO ZU NATIONALSTAAT & NATIONALEN INTERESSEN!**

**JO ZU FRÄIEN & SOUVERÄNE NATIOUNEN!**

**JO ZUR NEUTRALITÉIT & SOUVERÄNITÉIT!**

**JO ZUR OPKLÄERUNG VUM RUSSESCH-UKRAINESCHE KRICH!**

**JO ZUR BAUSSEPOLITESCHER KOOPÉRATIOUN!**

**NEE ZUR NATO KRICHSPOLITIK!**

**NEE ZU GELD-, WAFFE-LIWWERUNGEN & SANKTIOUNEN!**

**NEE ZU NATIOUNE-BASHING!**

**NEE ZU DIKTATUREN!**

**NEE ZUR ILLEGALER MASSEMIGRATIOUN!**

# FINANZEN, STEIEREN & SOZIALES!



**E begrenzte Staat, a manner Staat, ass eise libertäre Credo-  eis Partei ass kloer: Mir gi Lëtzebuerg, seng Sozialstéit zeréck!**

**De Staat, gëtt op seng grondleeënd Aufgabe konzentréiert - national Sécherheet & Fräiheet, Rechtsstaatlechkeet & Grond-Energieversuergung.**

**De Staat muss op gesonden & zolitte Staatsfinanze stoen, also e positive Staatsbudget opweisen, keng Scholdepolitik praktizéieren.**

**Eng Staats-Verschëldung ass näischt anescht, ewéi datt Jiddfer Bierger (Pro-Kapp-Verscholdung) fir eng schlecht & désastréis Finanzpolitik, mat-responsabiliséiert gëtt.**

**De nationalen Haushalt, baséiert op de ëffentleche Steiergelder & Contributiounen – eng national Verantwortung also!**

**Mir si fir de Strofbestand vun der ëffentlecher Steier-Verschwendung vu Regierungen, Parlament & Gemengen & gewielte Mandatären – och bei Verstéiss & Steierbedruch.**

**Mir fuerderen eng dynamesch Steierverwaltung & national Steiergerechtegkeet – a mat eis, bleift Steierrecht a nationaler Kompetenz.**

**Eng integral sozial & steier-befreite Steierreform - mat Vereinfachung & Digitaliséierung vum Steiersystem, ass vu Prioritéit.**

**Eng Steierreform, déi um Respekt vum Bierger & Steierzueler, fousst - fir d'Transitioun an ee méi gerechten a soziale Steiersystem!**

**Mat nidderege Steiersäz & enger Begrenzung a Nei-Orientéierung vu staatlechen Ausgaben – och am Kontext vun der EU & Auslandspolitik.**

**Zil - eng allgemeng Reduktioun vun der Steier- & Ofgabelaascht zu Lëtzebuerg – kee soll mat ëmmer méi Steiere, bestrooft, benodeelegt oder ausgedoe ginn.**

**Eng Politik géint déi héich Steierlaascht, Steiererhéijungen an d'Aféiere vu neie Steieren.**

**Mat eis gëtt eng steierbefreite Politik praktizéiert, déi d'Steierzueler entlaascht, amplaz si, am Numm vum Staat ze strëppen.**

**Mir féieren 1. Steierklass an, maachen eng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, an eng Rei Steier-Upassunge no ënn oder ganz fort.**



**A mir och d'TVA op 3% erof – mat 0% op Grond-Liewensmëttel, als eng éischt Initiativ an der Steierpolitik, a géint d'Präisdeierecht.**

**Heizou zielt awer och eng Reduktioun vun Akommes-, Ëmsaz-, Grond- & Gewerbesteier an anere, klenge Verbraucher-Steieren & Taxen.**

**Mir schafen och eng ganz Rei Steieren af, déi fir eis, e pueren, staatleche Kapitaldéifstal sinn – z.B, déi ideologesch $CO_2$ Steier am Kontext vum Klimawandel.**

**Den Héritage ass onuntaaschtbar- d'Ierfschaft bleift mat eis am steierfräie, kapitalen an integrale Familljebesëtz!**

**Mir si fir d'Ofschafe vun der Ierfschafts- a Schenkungssteier - a géint eng nei Ierfschaftssteier och an direkter Linn.**

**Als Protektiouns-Mechanissem, viru staatlecher Kapitalenteegnung - fir dem Bierger, säi finanziellen a materielle Besëtz, a woufir hien zäitliewens geschafft & contribuéiert huet.**

**Dofir muss och eisen Index-System als sozial Errongenschaft, erhale bleiwen.**

**E gudde, soziale Mechanismus vum Sozialstaat - e passt Léin, Renten & Kannergeld automatesch op eng klammend Präisentwécklung & faalend Kaafkraft un.**

**Déi ufalend Indextranchen, sinn de Leit allerdéngs zur Zäit an integral aus ze bezuelen - ouni Index-Manipulatiounen!**

**Eis Partei hält wirtschaftlech, un engem sozialen a wirtschafts-liberalem Usaz fest a steet fir eng oppen Ekonomie.**

**Dës Ekonomie, bedeelegt sech um internationale Welthandel, a setzt op Import an Export.**

**Aus dem wirtschaftleche Wuesstem muss de gesellschaftleche Wuelstand entstoen – domat opch d'Stäerkung vun individueller Fräiheet an Untenermertum.**

**De Wirtschafts & Sozialmodell mussen jee nodeem, vum Populatiounswuesstem, ofgekoppelt ginn.**

**De Finanzéierungs-Modell, mat ëmmer méi Aktiver um Aarbechtsmaart, an ëmmer méi Passiver an der Pensaioun, ass e Schnéiballsystem!**

**Um wirtschaftlech-ekonomesche Volet vum Wuesstem, setzen eng Analys a Gang - eng Rentabilitéits-Préifung op Plus-Value, wat auslännesch Konzerner & Investoren ugeet!**

**Heizou zielt, eise Fokus op Fortschrëtt & sënnvoll Entwécklungs-Projeten - amplaz op de maximale finanzielle Profit.**

**Steieren & Cotisatiounen mussen direkt (a réckwierkend) agefuerdert & agedriwwe ginn - keng Politik op Basis just vu Mindestlounpraxis & CDD Kontrakter.**

**Delokaliséierungen & Émigratioun vu Betriber & Fachkraaft an d'Ausland, muss onbedéngt gestoppt ginn.**

**Eis Partei setzt op eng Förderpolitik vum Mëttelstand & Handwierk, eisem Motor vum Land.**

**Eng Mëttelstands-Politik fir dat schaffend Vollek, dat esou a Loun & Brout, mat eis kënnt an eng sozial Liewens-Grondlag huet.**

**Mir bidden dem Salariat, och eng Digitialiséierung & Home-Office un, eng Erhéijung vum Mindestloun, souwéi méi Urecht op Jores-Congé.**

**All eis Industriezonen, sinn och un eng no Verbindung mam Schinne-Réseau, unzeschléissen.**

**Eis Volleks-Wirtschaft, trotz gewësser Wirtschaftskraaft, ass dank der dis-funktionaler Maartwirtschaft & Wirtschaftspolitik, a Gefor.**

Déi eege Regierungs-Hausaufgaben, mä och de russesch-ukrainesche Krich & allgemenge, soziale Misär am Land, verschäerfen dës Situatioun - mat grave Repercussiounen.

D'Verbraucher-Präisser sinn ëm 8,2% zu Lëtzebuerg geklommen - och an Zukunft ass den Taux ënnert dem vun der Eurozon & am Ofwäerts-Trend.

D'EU-Kommissioun bezeechent de Wirtschaftswuesstem vu Lëtzebuerg als onausgeglach – déi reell Inlandsnofro läit bei 0,9-15%.

D'Präisdeierecht, e Mangel an der Energieversuergung, eng Aarbechtslosegkeet vu 5,2% (16.111 Leit), eng staark Inflatioun vun 3,7%, déi allgemeng Geldentwäertung, déi ëffentlech Defiziter am Budget, an net zulescht déi gesamtstaatlech Scholdequot (26,40 Milliarden €).

Et rechent ee mat bis zu 30 Milliarden € Staatsschold am Joer 2028 – dat ass katastrofal fir eise Wirtschafts & Finanz-Standuert Lëtzebuerg.

D'Gesondheetswiesen organiséiere mir dezentral & fir seng Effizienz – mir orientéieren eis nees u Mënsch, Proximitéit, Accessibilitéit & professioneller, medezinescher Versuergung.

Mir entwéckelen eist Gesondheetssystem & säi Kader wieder - mat Planungssécherheet, Service-Orientatioun, Matfinanzéierung & Digitaliséierung.

Heifir, garantéiere mir d'Therapiefräiheet & d'Fräiheet vum medezinesche Beruff – a setze streng Gesetzer fir Lobbyiste-Gruppen a Kraaft.

Mir challengen och, de Fleegenoutstand & Personalmanktem – och per Invest an eng richteg Schoulpolitik mat gudder Ausbildung, Praxiserfahrung & interessante Medezinstudien.

Mir trieden och, fir eng ambulant medezinesch Versuergung & d'Schafe vu proximitéits-noen, Dokteschhaiser & Servicer an!

An e Gesondheetwiesen – mam Vollabanne vum ländleche Raum - de Norden endlech, mat-integréieren!

Mir suerge fir gutt Arznei-Mëttelversuergung, d'Disponibilitéit vu Medikamenter & en top Niveau vu Krankeversécherung.

Eis Partei seet och JO zu enger staatlech-kontrolléiert Legaliséierung vum Cannabis – notamment de Verwendungszweck vu Cannabis an der Medezin.

Obligatoresch Impf-Pläng fir Kanner, leene mir strikt of – mir halen et mam Verantwortungs-Prinzip vun Elteren & perséinleche, fräien, wthesche Choix'en.

Eis Partei ass fir e leeschtungs-orientéiert & ideologie-fräit Schoulwiesen mat akademescher Bildung, Wëssenschaft & fräier Léierpädagogik.

Eng Schoulpolitik gëtt alle Schüler just da gerecht, wann individuellt Leeschtungs-Verméige, Begabungen, Stäerkten & Kompetenzen am Virdergrond stinn.

Mat eis, gëtt et och keen Afloss vu Konzerner, Lobbyen & aneren Interessens- & Aktivistegruppen, op eist Schoulwiesen & den Unterrëchts-Contenu.

Mir féieren och nees de Punktesystem a re-orientéieren de erfollegräiche Schoulsystem nom Virbild vu nërdleche Länner.

**JO ZU MANNER STAAT!**

**JO ZUM INTERNATIONALEN HANDEL!**

**JO ZUR STEIER-GERECHTEGKEETS-REFORM!**

**JO ZUR STEIERTABELL-UPASSUNG!**

**JO ZUR 3%TVA & 0% OP GRONDLIEWENSMËTTEL!**

**JO ZU GESONDE STAATSFINANZEN!**

**JO ZUM MËTTELSTAND!**

**JO ZUM SOZIALSTAAT, INDEX & MINDESTLOUN!**

**JO ZUR RENTABILITÉITSPRÉIFUNG VU KONZERNER!**

**JO ZUR LANDESINTEGRALER MEDEZIN-VERSUERGUNG!**

**JO ZU AKTIV-INVEST AN D'GESONDHEETSWIESEN!**

**NEE ZUR IERFSCHAFTS-STEIER!**

**JO ZUR STAATLECH-KONTROLLEIERTEM CANNABIS!**

**JO ZU ENGEM LEESCHTUNGS-SCHOULWIESEN!**

**JO ZU ENGEM PROFESSIONELLE GESONDHEETSSYSTEM!**

**NEE ZU IDEOLOGIE AN DER SCHOUL!**

**NEE ZU FRIEME KRICHER!**

**NEE ZUR STEIERGELD-VERSCHWENDUNG!**

**NEE ZU STEIER-ERHÉIJUNGEN & NEIE STEIEREN!**

**NEE ZUR CO2-STEIER!**

**NEE ZU OBLIGATORESCHEN IMPF-PLÄNG!**